



Här Claude Wiseler
President vun der Deputéierte Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 24. November 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mirlech, dës parlamentaresch Fro un d'Häre Kultur- a Schoulminister weiderzeleeden.

Am Oktober dëst Joer ass de *Codex mariendalensis* um Internet ëffentlech zougänglech gemaach gi vun der Nationalbibliothék, déi ënner anerem schreift: „*De Codex mariendalensis, 2008 vum Lëtzebuerger Staat kaaft, an elo an de Bestänn vun der Nationalbibliothék conservéiert, ass en aussergewöhnlecht mëttelalterlecht Manuskript aus dem fréie 14. Joerhonnert. Et enthält d'Liewe vum Yolanda vu Veianen, eng vun de wichtegste Figuren an der reliéiser Geschicht vum Land, erzielt a 5 963 gereimte Versen a muselfränkischer Sprooch, déi mam moderne Lëtzebuergesche Famill ass. Dësen eenzegaartegen Text ass e wichtigen Zeie vun der fréier Lëtzebuerger Kultur a Sprooch.*“

Den Epos ass domat dat eelsten iwwerliewt Dokument vun eiser Sproochgeschicht, wat weist, datt scho viru 700 Joer Elementer vun eiser haiteger Sprooch, mee och reliéis Traditionen, Ritualer a sozial Normen existéiert hunn, déi sech iwwer d'Joerhonnerte lues a lues zu eiser haiteger Lëtzebuerger Sprooch an Identitéit entwéckelt hunn.

Trotz dëser kultureller Bedeitung gëtt d'Wierk am Lëtzebuerger Bildungswiese bis haut kaum valoriséiert. Weder am Schoulunterricht nach am ëffentleche Kulturberäich ass d'Epos an enger moderner, allgemeng zougänglecher Form zougänglech. Eng modern zweesproocheg Iwwersetzung (Lëtzebuergesch/Däitsch) mat detailléierten Erklärungen kéint dozou bäidroen, dësen Pilier vun eisem kulturelle Patrimoine enger breeder Bevëlkerungsschicht, mee och dem internationale Fachpublikum oder Lëtzebuerger Awunner ouni kulturelle Bezuch zu eiser Kultur méi no ze bréngen an zugläch eis Nationalsprooch als Literatursprooch ze stäerken.

Doriwwer eraus wier eng Ausstellung oder en digitale Vermëttlungsprojet (z.B. eng kommentéiert Online-Edition) e wichtige Bäitrag zur nationaler Kulturvermëttlung.

An dësem Kontext hu mir folgend Froen un d'Regierung:

1. Wéi bewäert d'Regierung déi kulturell an identitéitsstëftend Bedeitung vum Epos *Yolanda von Vianden* fir eist Land?
2. Wéi eng Moossname goufe bis elo ergraff, fir dëst Wierk am ëffentleche Bewosstsinn, am Bildungswiesen oder an der Fuerschung méi siichtbar ze maachen?
3. Ginn et staatlech Initiativen, fir eng modern Iwwersetzung an eis Sprooch bzw. eng zweesproocheg (Lëtzebuergesch/Däitsch) Edition vum Wierk mat wëssenschaftlechen Erklärungen finanziell oder organisatoresch ze ënnerstëtzen?

4. Plangt de Schoulministère, *Yolanda von Vianden* an Zukunft an de Léierpläng (z. B. am Kader vum Literatur- oder Geschichtsunterricht) ze berécksiichtegen?
5. Besteet Interessi op Säite vun der Regierung, fir an Zesummenaarbecht mat der Universitéit Lëtzebuerg, mat Muséeën oder mam Schlass vu Veianen eng permanent Ausstellung oder en digitale Vermëttlungsprojet iwwer *Yolanda von Vianden* ze initiéieren oder ze fërderen?

Mat déiwem Respekt,



Tom Weidig
Deputéierten



Alexandra Schoos
Deputéiert



Äntwert vum Kulturminister a vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro n° 3227 vum 24. November 2025 vun den Honorabelen Deputéierten Tom Weidig an Alexandra Schoos

1. Wéi bewäert d'Regierung déi kulturell an identitéitsstëftend Bedeitung vum Epos *Yolanda von Vianden fir eist Land*?

Andeems de Lëtzebuerger Staat 2008 de *Codex mariendalensis* opkaaft huet an der BnL fir eng adequat Conservatioun an déi kulturell a wëssenschaftlech Valorisatioun uvertraut huet, war e sech der kultureller Bedeitung vum Yolanda-Epos an der muselfränkischer Sprooch bewosst. D'Regierung deelt dëse Constat, deen d'Wëssenschaft deemools an och haut ënnersträicht. Nach haut gëllt dëse mëttelalterleche Manuskript als als e wichtege Zeie vun der fréier Lëtzebuerger Kultur.

Eng identitéitsstëftend Bedeitung kann engem Dokument an enger oppener Gesellschaft vu villen Acteuren zougewise ginn – dat ass keng Regierungsaufgab. De Kulturministère garantéiert der Nationalbibliothék déi néideg finanziell a personell Moyenen, fir datt si den Text souwuel der Fuerschung aus dem In- an Ausland wéi och de kulturell Interesséierten zougänglech maache kann. An deem Sënn ass och den digitaliséierten Text op eluxemburgensia online gesat ginn

2. Wéi eng Moosname goufe bis elo ergraff, fir dëst Wierk am ëffentleche Bewosstsinn, am Bildungswiesen oder an der Fuerschung méi siichtbar ze maachen?

D'Nationalbibliothék huet am Oktober 2025 den Text online um eluxemburgensia zougänglech gemaach. E kann esou vun iwwerall agesinn an och gedownload ginn, esou datt ideal Viraussetzunge fir eng wëssenschaftlech a kulturell Ausernanersetzung geschaf goufen. Eng Rezeptioun vun engem mëttelalterlechen Text erfollegt an éischter Linn iwwert d'Fuerschung. Vum 16. bis den 18. Oktober 2025 huet eng Tagung vum Institut Grand-Ducal, Section de linguistique, d'ethnologie et d'onomatique a vum Institut für deutsche Sprache, Literatur und für Interkulturalität op der Uni.lu stattfonnt: D'Tagung huet geheet: *Hermann von Veldenz: Yolanda von Vianden. Stand der Forschung und Ausblick*, an huet Chercheuren aus dem In- an Ausland regroupéiert: https://www.uni.lu/wp-content/uploads/sites/2/2025/10/07151640/Tagungsprogramm_final_.pdf.

An deem Kader huet och e Mataarbechter vun der Nationalbibliothék e Virtrag gehalen. Dozou kënnt, datt déi éischt genau kodikologesch Beschreiwung 2027 an enger wëssenschaftlecher Publikatioun iwwert handschrëftlech Fragmenter zu Lëtzebuerg wäert erauskommen(2027). D'Fuerschung ronderëm de *Codex mariendalensis* ass also ganz lieweg.

Dës Tagung reit sech an an eng sëllegen aner Aarbechten, fir den Epos nach méi populär ze maachen, esou datt mir d'Behauptung, datt d'Wierk net am Lëtzebuerger Bildungswiese valoriséiert gëtt, net kënnen deelen. Just eng kleng Auswiel:

- 2009 ass *Leben der Gräfin Yolanda von Vianden : textgetreue Edition des Codex Mariendalensis* vum Claudine Moulin erauskomm, déi am Kader vun enger vum

Kulturministère 2000 finanzierter Aarbecht an der Cellule Codex Mariendalensis vum Insitut Grand-Ducal, Section de linguistique, d'ethnologie et d'onomastique entstanen ass.

- Den Alain Atten huet 2014 eng *Lemmatisierte Konkordanz zum Codex Mariendalensis* erausginn.
- De Gerald Newton huet 1994 '*Nû saget, brüder Hereman' ... : manuscripts, editions, treatments and translations of Bruder Hermann's Iolande van Vianden* erausginn.
- Zesumme mam Guy Berg huet de Gerald Newton och eng däitsch an englesch Iwwersetzung vum Alexander Wiltheim senger laténgescher Versioun *Vita venerabilis Yolandae* 2007 publizéiert (den Alexander Wiltheim hat 1655 d'Originalmanuskript am Klouschter Mariendall ofgeschriwwen an eng laténgesch Iwwersetzung gemaach).
- Eng Prosaiwwersetzung op Däitsch wor schonn 1999 vum Gerald Newton a Franz Lösel erauskommen. An de Pierre Grégoire hat schonn 1979 eng Versiwwersetzung an d'Däitsch virgeluecht.
- Datt den text och an der Kultur weiderhi lieweg ass weist z.B. dem Schrëftsteller Ian De Toffoli seng Ausernanersetzung an *Yolanda (Les cahiers luxembourgeois, 2017)*

3. Ginn et staatlech Initiativen, fir eng modern Iwwersetzung an eis Sprooch bzw. eng zweesproocheg (Lëtzebuergesch/Däitsch) Editioun vum Wierk mat wëssenschaftlechen Erklärungen finanziell oder organisatoresch ze ënnerstëtzen?

Esou Initiative mussen aus der Recherche erauskommen. Op der uewegenannter Tagung op der Uni.lu, gouf nom Claudine Moulin hirem Bäitrag *Herausforderungen einer digitalen Yolanda-Edition* d'Iddi vun engem Portail mat wëssenschaftlechen a pädagogesche Bäitrag diskutéiert. Wann iwwerzeegend a kohärent Konzepter bis virleien, ass eng finanziell Ënnerstëtzung am Kader vun de bekannte Fërderméiglechkeeten an en Accord mat de Qualitéitskrittären denkbar. D'Initiativ muss dofir aus der Fuerschung kommen.

4. Plangt de Schoulministère, Yolanda von Vianden an Zukunft an de Léierpläng (z. B. am Kader vum Literatur- oder Geschichtsunterricht) ze berécksiichtegen?

De Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques (SCRIPT) schafft aktuell um Konzept vun engem neie Geschichtsbuch fir d'Grondschoul, dat 2029 soll publizéiert ginn. Dëst didaktescht Material wäert d'Geschicht aus enger globaler, europäescher an och national-lokaler Perspektiv duerstellen an de Kanner weisen, wéi geschichtlech Entwécklungen op verschiddenen Niveaue konkret Spueren hannerloossen.

An deem Kontext wäerten och ausgewielte Beispiller aus der lëtzebuergescher Geschicht integréiert ginn. Mëttelalterlech Codices stellen dobäi wichteg historiesch Quellen duer a si wäertvoll Zeie vun der kultureller a geschichtlecher Entwécklung, déi an engem esou opgebaute Geschichtsbuch ganz gutt kéint berücksichtegt ginn.

- 5. Besteet Interessi op Säite vun der Regierung, fir an Zesummenaarbecht mat der Universitéit Lëtzebuerg, mat Muséeën oder mam Schlass vu Veianen eng permanent Ausstellung oder en digitale Vermëttlungsprojet iwwer Yolanda von Vianden ze initiéieren oder ze fërderen?**

Cf. Äntwert op d'Fro 3.

Lëtzebuerg, den 19. Januar 2026

De Kulturminister

(s.) Eric Thill